



Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber



Lëtzebuerg, den 7. Februar 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert Verwärtung vu Gréngoffall un den Här Minister fir Nohaltegkeet an un Madame Minister fir Ëmwelt weiderzeginn.

De Staatssekretär fir Nohaltegkeet huet virum kuerzen eng nei Verwärtungsmethod vu Gréngschnëtt virgestallt. Mir begréissen ausdrécklech dass d'Ëmweltverwaltung, zesumme mam Maschinnen- a Betriebshilfsring eng Léisung fonnt huet, fir den ufalende Gréngschnëtt an der Landwirtschaft, der Forstwirtschaft an dem Wäibau weider ze verwäerten an esou Energie ze produzieren. Den Här Staatssekretär geet dervun aus dass e mat dem ganzen Heckeschnëtt aus dem Land praktesch 600 Haiser dat ganzt Joer laang kéint hëtzen.

An deem Kader, wollte mir dem Här Minister fir Nohaltegkeet an der Madame Minister fir Ëmwelt dës Froe stellen :

Wei kennt den Här Staatssekretär zu dëser Berechnung respektiv wéi vill Heckeschnëtt fält pro Joer am Land un, wëssend dass eisen Informatiounen no eng deementspreechend Etude déi de Potential vum Gréngschnëtt soll berechnen eréischt am Mäerz 2017 soll fäerdeg gestallt ginn ?

- Ass bei dëser Berechnung och den Energieverbrauch berechent gi vum
 - Transport vum Gréngschnatt bis bei déi zwielef regional Sammelplazen
 - Ufahrt/Offahrt vum Häckseler bei/ vun de Sammelplazen
 - Transport vum Holzhäckseler bei Verbrennungsanlagen
 - Dréchnen vum Holzhäckseler
- Laut eisen Informatiounen soll Häckselgutt weder bei eis gedréchent nach hei am Land verwäert ginn, mä et géif an d'Ausland gefouert ginn. Kënnen den Här Minister fir Nohaltegkeet an Madame Minister fir Ëmwelt eis dat bestätegen ? Wa jo, wou gétt dat Häckselgutt hin transportéiert, gedréchent a verwäert? Firwat ass dat sou ?

- Gett de fäerdeggen Hackschnetzler verkaf, wa jo zu wéi engem Präis ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen



Marco Schank

Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Luxembourg, le 10 MARS 2017

Département de l'environnement

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 MARS 2017

Service central de législation
Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°2746

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2746 des honorables députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement,

Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg op d'parlamentaresch Ufro n°2746 vum 8. Februar 2017 vun den honorablen Deputéierten Madame Martine Hansen an Här Marco Schank

Déi Zuel vun de 600 Haiser, déi e mat dem Gréngschnëtt zu Lëtzebuerg während engem Joer heize kéint, stellt eng graff Ofschätzung duer a bezitt sech op d'Längt vun den Hecken déi et hei zu Lëtzebuerg gëtt, op Mëttelwäerter iwwert den Energiegehalt vun dem Heckeschnëtt an op en duerchschnëttlechen Energieverbrauch vun engem typesche Reienhaus. Dës Beispillrechnung sollt eenzeg an eleng duerzou dengen, ze weisen, datt et Sënn mécht, Gréngschnëtt anzesammelen an als erneierbar Energiequell ze notzen.

Et ass richtig, datt genau Zuelen iwwert den Ufall vun Hecken-, Bam- a Strauchschnëtt feelen. Dat ass jo och de Grond, firwat d'Ëmweltverwaltung eng Potentialstudie an Optrag ginn huet, fir esou präzis ewéi méiglech gewuer ze ginn, wéi vill Gréngschnëtt tatsächlech hei zu Lëtzebuerg ufält a wéi vill vun deem Gréngschnëtt och tatsächlech verwäert ka ginn.

Sou wéi dat och geplangt war, wäert dës Etude demnächst fäerdeg sinn.

An dëser Etude gëtt gerechent, wéi vill Energie tatsächlech aus dem Gréngschnëtt verwäert ka ginn. D'Energie déi gebraucht gëtt, fir de Gréngschnëtt vun der Ufallplaz bis zur thermescher Verwäertung ze bréngen, mat deene verschiddeenen Opbereedungsschrëtt dotëscht, gëtt net speziell berechent. Esou eng Berechnung géif och nëmme Sënn maachen, wann een se géif vergläiche mat der Energie déi e brauch, fir déi selwecht notzbar Energie mat enger anerer Energiequell ze kréien. Et misst een also d'Opbereedung vun Gréngschnëtt zum Beispill vergläiche mat der Mengt Energie, déi ee brauch, fir Pétrol an den Arabesche Länner ze fërderen, bis an Europa mat dem Schëff ze bréngen, hei zu Mazout opzereeden an da bis bei d'Heizung ze bréngen, wou en dann zu Heizwecker benotzt ka ginn.

Et kann een allerdéngs soen, datt laut Literaturwerter den Energieverbrauch fir d'Opbereedung vun Gréngschnëtt bei ongeféier 5% vun der Energie läit, déi aus dem Holz erausgezu ka ginn. Och ass et esou, dass d'Material passiv gedrechent gëtt, also ouni Energieopwand.

D'Etude mécht och eng Analyse vun de Verwäertungskapazitéiten, déi et hei am Land an an de noë Grenzregioune gëtt. De Moment gëtt et zu Lëtzebuerg e puer Anlagen, déi dat Material kënne verwerten. Ouni de Resultater vun der Etude virzegräifen, kann een awer elo schonns soen, datt et vir de Moment hei zu Lëtzebuerg selwer net genuch Kapazitéite ginn, fir all de Gréngschnëtt thermesch verwäerten ze kënnen.

Allerdéngs ass et esou, datt zu Lëtzebuerg eng Rei vun Anlagen geplangt sinn, dat esouwuel vun Nohaltekeetsministère wéi och vun einzelne Gemengen, sou datt een dovun ausgoe kann, datt et an zwee bis dräi Joer genuch Kapazitéiten am Land ginn, fir dat Material um nationalen Niveau verwäerten ze kënnen.

Wat de kommerziellen Deel vun den Hackschnëtzel ugeet, ass et de Moment nach ze fréi, doriwwer eng Ausso maachen ze kënnen. Dee Punkt muss am Kader vun der Definitioun vun definitive Konzept mat gekläert ginn.